Question écrite n°1111 - Sujet : Activités d'un service de renseignement étranger sur le territoire luxembourgeois

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat
Date limite de réponse à la question : 05-06-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
05-05-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
26-05-2015	Réponse écrite de Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat	Document écrit de la réponse

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 MAI 2015
1111

Lëtzebuerg, den 5. Mee 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

An deene leschten Deeg sinn an Däitschland eng Rei vun Informatioune bekannt ginn, no deenen de Bundesnachrichtendienst (BND) der amerikanescher NSA soll dobäi gehollef hunn, europäesch Politiker a Betriber auszespionéieren. Dowéinst wëll ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung eng noriichtendéngschtlech Aktivitéit vun däitsche Geheimdéngschter, z.B. dem BND oder dem MAD, zu Lëtzebuerg an iergendenger Form bekannt, sief se géint Lëtzebuerger politesch oder economesch Interessien oder op Lëtzebuerger Persoune geriicht, incl. dem Oflauschtere vun Telefonen oder dem Iwwerwaache vun elektronesche Medien?
2. Huet déi lëtzebuergesch Regierung bei der däitscher Regierung Informatiounen zu dem Thema verlaangt?
3. Wëll d'Lëtzebuerger Regierung souwäit wéi méiglech feststellen, inklusiv duerch d'Thematiséiere vun dëser Problematik an den europäeschen Institutiounen, wéi eng europäesch Länner eventuell géint Lëtzebuerger Interessien oder Perséinlechkeete spionéiert hunn?
4. Wéi eng Konsequenze wëll d'Regierung aus dësen Entwécklungen zéien, esouwuel sëcherheetstechnesch wéi och diplomatesch?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Dossier suivi par :
Marc COLAS
Tel. : 24782104

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 MAI 2015

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 LUXEMBOURG

Luxembourg, le 26. 05. 15

Objet : **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°1111 du 5 mai 2015 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse à la question parlementaire N°1111 du 5 mai 2015 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION
Reg.: [illegible] SCL:
Entré le: 27 MAI 2015
CE: [illegible] SID:
A traiter par:
Copie à:

Le Premier Ministre

Ministre d'État

- *transmis en copie pour information et par courriel à Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement.*

Äntwert op dem Här Deputéierte Fernand Kartheiser seng parlamentaresch Fro n°1111 vum 5. Mee 2015 betreffend de méiglechen Aktivitéite vun engem auslännesche Geheimdéngscht op dem Lëtzebuerger Territoire.

All Spionagaktivitéit stellt ee Verstouss géint d'Souveränitéit vun engem Stat duer. Dat internationalt Recht gesäit vir, datt et engem Land verbueden ass heemlech op dem Territorium vun engem anere Land aktiv ze ginn, falls dës Aktivitéiten net vun deem jeweilege Land autoriséiert oder toleréiert sinn. Esou eng Bedreeung géint Lëtzebuerger Interessie fällt an de Kompetenzberäich vun dem Lëtzebuerger Geheimdéngscht, dat gemäss dem Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert den „Service de Renseignement". De Lëtzebuerger Geheimdéngscht huet, ënnert anerem, als Aufgab Informatiounen ze sammelen iwwert noriichtendéngschtlech Aktivitéite vun auslännesche Servicer oder vu Persounen déi esou Aktivitéiten heemlech am Numm vun anere Länner um Lëtzebuerger Territoire maachen. Dëst ass och de Fall wann elektronesch Hëllefsmëttel agesat, ginn déi vum Ausland aus gesteiert ginn. D'Resultat an d'Analyse vun den Informatiounen déi de Lëtzebuerger Geheimdéngscht am Kader vu séngen Ausgabe sammelt, ginn der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum Geheimdéngscht präsentéiert a si Bestanddeel vu schréftleche Rapport'en déi un de Ministère de tutelle an un déi aner betraffe Ministère geschéckt ginn.

Dës Zort vu Menace ass och regelméisseg Bestanddeel vum Austausch deen de Lëtzebuerger Geheimdéngscht mat de Partnerservicer huet, dëst suwuel um multilaterale Niveau, ewéi och bilateral mat de Servicer aus de Nopeschlänner. Et ass och op deem Niveau wou d'Lëtzebuerger Regierung intervenéieren a weider Explikatioune froe kann. Sollt sech erausstellen, datt Spionagaktivitéite géint Lëtzebuerger Interessie geriicht sinn an dem Land schueden, schléisst d'Regierung natierlech net aus iwwert d'diplomatesch Kanäl déi hir zur Verfügung stinn formell bei de betraffene Länner ze protestéieren.